# de pefferkär

## D'Alternativ fir Wëntger

Gemengewalen 2017

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Oktober 2017**

## ADR Geméng Wëntger

ADR Wahlprogramm fer d'Geméng Wëntger

**Réalistisch Fuerderungen van der ADR Wëntger bei den lesten 2 Geméngerotswahlen**

**Virwuert:**

Léif Biergerinnen a Bierger,

Nodeems mer Eech rezent den nationalen Wahlprogramm van der ADR virgestallt hann, stellen mer Eech hokt den ADR Wahlprogramm fer d'Geméng Wëntger méi konkret vir.

An der nationaler Politik stellt ons ADR éng wichtig Alternativ dar zu all deenen aneren Parteien, esou o an der Geméngepolitik. Villes wat d'ADR Wëntger bei den lesten 2 Geméngerotswahlen agereegt hatt, gouf mat den Joeren ëmgesaat. O aus der Oppositioun eraus kann een villes bewierken wat zu énger Verbesserung van der Liewesnqualitéit fer eis Bierger an eiser Geméng beidréit: z.B. de Bau van den Kläranlagen, den Bäitrëtt zum Naturpark Our, d'Aktivitéitszon op der Féitsch, Duerrefverschéinerung duerch Bloumenaktiounen, Spillplatzen an den eenzelnen Dierfer, Erneierung oder d'Renovéierung van den Duerrefsäll; alles dëst sënn Punkten déi mer bei den Wahlen 2005 an 2011 agereegt haten.

Eis virrangigt Ziil ass et fer den Responsablen an eiser Geméng o weiderhin kannen op d'Fanger ze kucken an do ewou et néidig ass eis Iddiien zum Virschlag ze bréngen, wann dat ären Wonsch ass. Esou hatt d'ADR dëst an den vergangen Joeren gemaat an mat ärer Hëllef géiwen mer dat o gären vira man. Et ass jo awer o kloer, wann dat vam Wieler gewënscht ass, datt mer o bereed sënn Responsabilitéit ze iwerhuelen. D'ADR Walresultater an den lesten Joerzingten an eiser Geméng hann dësen Wonsch jo schonns méi daks zum Ausdrock bracht.



**Engelen Jeff**
Tratten
64 Joer
Geméngerot
Präsident van der ADR Bezierk Norden
Präsident vam Wëntger Tourismussyndikat
Sekretär vam Wëntger Foußball
Comitésmember am ORTAL

### 1.) Priorität: die Gemeindefinanzen :

Die neue Aufteilung der Gemeindefinanzen seitens der aktuellen Regierung (DP, LSAP, déi Gréng) ergibt für unsere Gemeinde eine wesentliche Einschränkung der Finanzen. Ab dem Jahre 2021 oder einige Jahre später muß man in Wintger mit Einbußen von

2 000 000 € pro Jahr rechnen gegenüber dem alten Verteilungsschlüssel. Die neue Aufteilung der Finanzen für die Gemeinden ist ungerecht, sie basiert auf die Einwohnerzahl, trägt jedoch nicht Rechnung einer ländlichen Gemeinde. Weniger Einwohner bedeutet nicht weniger an Kosten; im Gegenteil, hat ein Mehr an Kosten was Wasserleitungen, Kläranlagen, Abwasser, Schultransport, unterhalt des Wegenetzes usw. betrifft. Eine Landgemeinde hat ein wesentliches Mehr an Ausgaben in Sachen Natur- und Wasserschutz was dem ganzen Lande zu Gute kommt, all diese Punkte wurden in der neuen Berechnung der Gemeindefinanzen nicht berücksichtigt. **Fazit:** Unsere Gemeinde ist eine der großen Verlierer dieser Finanzreform, obschon es von den Regierungsparteien anders dargestellt wird. Unsere Einnahmen werden gedeckelt auf das Niveau des Jahres 2015 bis die neue Berechnung ein Mehr ergibt, doch die Kosten werden sicherlich in all den Jahren steigen, somit ergibt sich im ordentlichen Budget logischer Weise ein wesentliches Weniger an Spielraum für das außergewöhnliche Budget, sprich Investitionen.

Zusätzlich, worüber nicht viel geredet wird, wird unsere Gemeinde in den Fonds pour l'emploi mit einen zusätzlichen Betrag im Budget des Jahres 2017 von 1 670 585 € belastet, bisher waren es rund 61 000 €. Im Jahre 2020 werden es 1 900 000 € sein. Dies ergibt ein Minus von 3 900 000 €, bei einem Budget an ordinären Einnahmen von rund 19 000 000 €, dies sind runde 20 %. Zusätzlich fließen noch etwa 2 400 000 € in einzelne Gemeindesyndikate, welche wichtige Dienstleistungen für unsere Bürger anbieten.



**Faber Nathalie**
Heesdref
35 Joer
Aide-soignante
CRL (Cavalier Réunis Luxembourgeois)

Dies ergibt daß wir in Zukunft uns der neuen Berechnung anpassen müssen. Die ADR Wintger sieht hier 4 Hauptaugenmerkmale um dieser neuen Gegebenheit Rechnung zu tragen.

1. Um den **finanziellen Rahmen** zu erweitern muß man grundsätzlich Berechnungen anstellen für ein gezieltes aber tragbares Wachstum unserer Gemeinde zu fördern. Wir wollen nicht ungezügelt wachsen aber moderat. Die aktuelle Gesetzeslage basiert fast nur auf die Einwohnerzahl einer Gemeinde und nicht auf der Fläche einer jeden Gemeinde. Eine erste Simulation unserer Gemeindefinanzen ergab, daß wir uns mehr auf ein Mehr an Einwohnern konzentrieren müssen anstatt auf ein Mehr an Arbeitsplätze. Durch den Bau der Transversale von Marnach nach Klerf ergeben sich hier Möglichkeiten, denen es jetzt schon gilt Rechnung zu tragen.

2. Daher ist es von bitterer Nötigkeit, daß unsere Gemeinde sich intensiv mit dem zukünftigen **Bautenreglement** und dem damit verbundenen Bauperimeter befaßt. Am neuen Bebauungsplan wird bereits seit dem Jahre 2000 gearbeitet aber laut einem Zwischenbericht ist hier noch nicht viel realisiert worden (nicht einmal 40%), dieses hat uns bisher aber 1 153 000 € gekostet. Dieses Dossier muß vorrangig behandelt werden.

3. Die **Renovierung** des „ersten Wintger **Schulgebäudes**" drängt sich nach 43 Jahren unweigerlich auf um den heutigen Bedürfnissen einer Grundschule gerecht zu werden. Dieser Renovierung oder Neubau wollen wir gerecht werden aber in Anbetracht unserer neuen Finanzsituation. Leider wurde hier zuerst kein Gesamtkonzept erarbeitet was die In bezugnähme des „Précoce", des Judosaales, des Tanzsaales und der neuen Halle für den technischen Dienst in diesem Projekt anbelangt.

4. Was den restlichen Bau an **Kläranlagen** anbelangt da drängt sich zuerst ein Überdenken des restlichen Gesamtkonzeptes auf. Es gilt vorrangig zu prüfen ob die Ortschaften: Hoffelt, Helzingen, Weiler in die Kläranlage von Sassel abzuführen sind. Desweiteren haben wir Bedenken am Kläranlagenstandort Sassel, hier sollte vorrangig noch geprüft werden ob dieser Standort nicht besser unterhalb der Ortschaft Maulusmühle installiert wäre um somit auch die



**Fettes Melanie**
Brotebach
22 Joer
Aide-soignante
Aktiv bei den Scouten

adr ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# D'Alternativ fir Är Gemeng!

www.adr.lu

**Lëst 5**

Ortschaft Maulusmühle einzubinden, da ja hier noch ein Camping vorhanden ist. Dieses Dossier muß wohl oder übel über Jahre nach hinten gestreckt werden, dies in Anbetracht der neuen Finanzsituation.

Dieses sind aus Sicht der ADR Wintger die Prioritäten die, die nächste Legislaturperiode bestimmen werden. Auf Grund der neuen Finanzaufteilung seitens der Oberbehörde drängt sich unweigerlich ein Weniger auf um in Naturprojekte zu investieren (Ausnahme Kläranlagen).



**Gilz Tina**
Diénjen
24 Joer
Réceptionnistin

## Perimeter an Bautenreglement (PAG):

16 Joer gouwen bis elo an dësem Dossier geschafft, a bis elo sënn emol nik 40 % erschafft. Dësem Dossier ginn mer éng Prioritéit well et fer déi zukünftig Geméngentwécklung a Punkto Finanzen ee wichtigen Dossier ass. Et gëtt héich Zäit, datt dësen Dossier zum Afschloss könnt well déi staatlichen Instanzen dësen Délai nik onentlich wäerten verlängeren a well ëmmer méi staatlich Oblagen derbäi kommen. Leider ginn zwar hei den ländlichen Geméngen iwer den IVL Grenzen gesaat, mee o éng ländlich Geméng muss kannen waassen. O zu éngem Duerrefcharakter gehéieren intern Gringflächen.

Dësem Dossier ginn mer als ADR eis Zoustëmmung awer nëmmen ënnert folgenden Konditiounen:

* Baulandvergréisserung däerf sech nik nëmmen op éng Uertschaft bezéihen, mee do wou et méiglich ass sollt o neit Bauland erschloss ginn. Do wou et Sënn mécht soll mam Propriétaire, am Respekt vam jeeweiligen Duerrefcharakter, neit Bauland erschloss ginn. Mer wëllen no Méiglichkeet kéng laanggezugen

Stroossendierfer, mee mer wëllen dat eis Dierfer sech méi kompakt entwécklen.

* Och muss een Passus dra kommen, dat bestoend Gebäilichkeeten an éngem räsonablen Zoustand ze halen sënn.

* An deem Konzept missten o an eiser Geméng Initiativen gestart gin fer prioritär ékdel Wahningen oder Gebäier zu Wahnzwecker kannen ëmzefonktionnéieren. Dëst dréit o zu eiser Liewensqualitéit an den Dierfer bäi. Desweideren muss o gekuckt gin wat sech op Terraien van eiser Geméng an wekderen Wahnméiglichkeeten kann erginn.

Liewensqualitéit heescht och een Ëmfeld ze erhalen, oder ze schafen, an deem d'Leit sech richtig wuel fillen. Dozou gehéiert d'Erhale van eiser traditioneller Bausubstanz a vam Charakter van eisen Dierfer. An deem Sënn wär et an onsen Auen o wichtig éng Obstellung ze man wat an historischer Bausubstanz Wichtig an Erhalenswäert ass. D'ADR wäert sech o drëm këmmeren, datt historesch Plazen oder Bauten nik duerch onpassend Konstruktioune verschampeléiert ginn.

Da misst o gekuckt gin wéi een finanziell hei kann ënnert d'Ärem greifen. An dësem Kontext wëllen mer eis Kiirchen nik vergeessen, déi schons Joerhonnerten zu eisem Kulturgut an an d'Clichees van eisen Dierfer gehéieren. An dësem Dossier hat d'ADR op nationalem ewéi o op régionalen Plang allzäit éng kloer Sprooch geschwat.



**Haag Annita**
Boxer
59 Joer
Bauer
Präsidentin van der ADR Lokalsektioun Wëntger

## Infrastrukturen:

Hei sënn mer generell der Meenung, dat een Prioritéiten setzen muss, nom Prinzip dat Néidigst geet vir. D'Ëmännerung vam éischten Wëntger Schoulgebäi hatt fer ons éng gewassen Prioritéit an dorausser ergëtt sech, finanziell gesinn, wat na an eisen Dierfer kann réaliséiert ginn. Déi meest Stroossen gouwen zwar déi lest 40 Joer erneiert, dohier ass et hei méiglich déi nächst Joeren e bësschen méi lues ze trëppelen. Mee nom Prinzip dat Néidigst geet vir drängen sech awer o hei folgend Strossenerneierungern op an zwar z.B. zu Béigen an der Driicht an om Knupp, zu Hannerhasselt, Sassel asw.

An dësem Dossier drängt sech onweigerlich o d'Iwerleeëung op fer eenzel méi kléng Stroossenerneierungen, dëst mat Moss, duerch eis intern Geméngenservicer man ze lossen, wat natirlich o een Ausbau hei mat sech bréngt. Dëst gëtt wesentlich méi bëllig a garantéiert o weiderhin éng gewassen Liewensqualitéit an onsen Dierfer. Obschon eist Strossennetz de Moment ziemlich räsonabel ass, däerfen mer dëst nik vernoléissigen, well am Prinzip ass et jo esou, datt all 30 Joer éng Strooss muss erneiert ginn.

Déi aktuell Projets betreffs Strossenerneierungen ënnerstëtzen mer o weiderhin wéi o den Projet van den Strossennim, deen elo um Instanzewenwee ass.



**Haan Claudine**
Saassel
30 Joer
Post-Ausdréiesch

## D'Liewesqualitéit an onsen Dierfer

Konstant verbesseren an obrecht erhaalen. Dëst kann geschéien, allerdings jee no Méiglichkeet,

duerech d'Uleeën van Kannerspillplaatzen, no Méigléichkeet an all Dueref, oder awer duerech éng Verschéinerung van verschidden an erhalenswärten Duerefecker ewéi z.B. de Wäschburren van Kréindel. D'Intensivéierung van énger Duerrefverschéinerung wëllen mer o weiderhin astriewen. Allerdings, an dëst verkennen mer nik, ass et onméiglich an all Duerref Bloumengestaltungen anzeleeën. Hei wëllen mer ëmplangen op Hecken an Sträicher, well eisem Geméngenservice sënn hei Grenzen gesaat duerch ons 27 Dierfer.



**Molitor-March Sharon**
Houfelt
Wirtschaftsberoderin
Sekretärin bei den ADR Fraen
Vizepräsident vam Wëntger Tourismussyndikat
Redakter Éco & Politique
Uni-Professer
Tresorier van enger internationaler ONG Organisatioun

## Verwaltung:

Fer den hoktigen Erfuerdernisser entgéint ze kommen ass et och wichtig, dat eemol an der Woch d'Sekretariat van der Geméng op ass bis owes 20.00 Auer. Zugleich soll en och an dësen Stonnen déi politisch Responsabel de Lékten beroodent zur Verfügung stoen.

Desweideren wëllen mer ons asetzen, sou ewéi eisen Vertrieter am Geméngerot et ewell agereegt hatt, fer een elektronischen Raider bei der Geméng anzebréngen, deen niewend den internen Publikatiounen o fer eis Gäst (Touristen) déi wichtigst Donneeën matdeelt. Dëst soll o zugleich um Internetsit van der Geméng publizéiert ginn, sou datt all ons Bierger dëst o Doheem kannen afliesen.

Desweideren sënn mer der Meenung, dat een onst Fest zum Nationalfeierdaag nei iwerdénken muss.

## Fräizeit:

D'Veräiner sënn d'Häerz an d'Séil van eisem Duerrefliewen an droen zur Liewensqualitéit van äis all bäi. Dëst wëllen mer o weiderhin ënnerstëtzen. No der Renovéierung oder Neigestaltung van villen Duerrefsäll bléiwen na 2 Dierfer iwrig an zwar Aasselburren an Uewerwampich. Hei soll mat den Responsablen van den Duerrefveräiner gekuckt ginn wat hei dat Sënnvollst ass an o méiglich ass.

## Pompjeeën an Rettungswiesen

Bei der Reform vum zukünftigen Rettungs- a Pompjeeswiesen, dat demnächst an der Chamber wäert gestëmmt ginn, ass Wëntger mat éngem Standuert virgesinn. Dëst wëlle mer ënnerstëtzen, mee et muss awer o mat den staatlichen Instanzen gekuckt gin wéi dat finanzéiert gëtt, wat duerch déi nei Finanzsituatioun nik onwichtig ass.



**Pleger Claude**
Aasselburren
51 Joer
Arbichter
Comitésmember am Judo
Vizepräsident vam Wëntger Tourismussyndikat



**Reding Sacha**
Heesdref
42 Joer
Arbichter

## Ob nationalem Plang:

wëllen mer ons derfir asetzen dat folgendes kann réaliséiert ginn:

1.) **den Ausbau van der Aktivitéitszone op der Féitsch.** Mer brauchen o een vergréissterten Standuert fer eis Betrieber aus der Geméng oder Régioun, wou si sech kannen entwéckelen. Am Joer 2005 haten mer bei den Wahlen agereegt, dat d'Féitsch een idealen Standuert wär fer eenzel Betrieber ze implantéieren. Esou begréissen mer dat dëst, Dank der Famill Sales mat hirer Basisarbicht, elo Réalitéit gouf. Een weideren Ausbau muss Méiglich ginn, duerfer gouf seitens der Geméng d'Viraussetzung geschaffen mam Kaaf vam Bësch, wat mir ënnerstëtzt hann.

2.) An der Aktivitéitszon zu Lentzweiler ass de Moment éng **onméiglich Parksituatiun fer d'Camionen,** déi op hiert Af- oder Obladen waarden. No Préifung vam Dossier wëllen mer mam SICLER a mat den staatlichen Instanzen hei derfir suergen dat dëser Situatioun énger mënschenwierdiger Situatioun gerecht gëtt.

3.) **Kreesverkéier oder Rondpoints** bei Ouscheler (Lentzweiler) an op der Féitsch wëllen mer areegen, well dës 2 Kräizungen an onsen Auen sech mat den Joeren zu geféierlechen Verkéierskniet entwéckelt hann. Ob éng parlamentarisch Fro mat der Nummer 1461 van der ADR aus dem Joer 2015 gesäit den aktuellen Nohaltigkeetsminister zwar hei fer leider kéng direkt Noutwennigkeet, mee mer sënn awer anerer Meenung.

Ob all dësen Dossiers wëllen mer um Ball bleiwen. O déi jeeweilig Regierungen gesinn mat der Zäit an dat villes nik aneschters geet. 1992 haten onsen Vertrieter well am Geméngerot éng Aktivitéitszon op der Féitsch agereegt, deemols awer na nik mat deem néidigen Erfollig. Elo ass se do.



**Renckens Pierre**
Saassel
65 Joer
Bauer
Member van der Wëntger Bautekommissioun



**WEIS Kevin**
Brotebach
26 Joer
Busmécanicien



adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# D'Alternativ fir Är Gemeng!

www.adr.lu

# Lëst 5

www.adr.lu




**Esou wielt Dir richtig:**

all är 11 Stëmmen fer d'Kandidaten van der ADR

# Ons Kandidaten fir är Geméng

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

## D'Alternativ fir ...



Engelen Jeff
Tratten
Gemengerot



Faber Nathalie
Heesdref
Aide-soignante



Fettes Melanie
Brotebach
Aide-soignante



Gilz Tina
Diénjen
Vendeuse



Haag Anita
Boxer
Bauer



Haan Claudine
Saassel
Post-Ausdréiesch



Molitor Sharon
Houfelt
Wirtschaftsberoderin



Pleger Claude
Aasselburren
Aarbichter



Reding Sacha
Heesdref
Aarbichter



Renckens Pierre
Saassel
Bauer



Weis Kevin
Brotebach
Busmecanicien

# Wëntger!

www.adr.lu